PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Aktuell ginn an de Gemengen Ënnerschrëfte gesammelt vu Bierger, déi d'Demande fir d'Duerchféierung vun engem Referendum iwwert d'Gesetz iwwert déi rezent Verfassungsreform ënnerstëtze wëllen.

Detailer iwwert d'Organisatioun vun der Ënnerschrëftesammlung goufen de Gemengen iwwert d'Circulaire N°4055 matgedeelt an d'Ënnerschrëfte ginn op Lëschte gesammelt, déi de Staatsministère un d'Gemenge verdeelt huet. Well heibäi net virgesinn ass, dass fir all Ënnerschrëft een neit Blat geholl gëtt, ass et jidderengem, deen ënnerschreift, méiglech ze gesinn, wie virdru schonn ënnerschriwwen huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Ënnerschrëften op der Gemengen aktuell dateschutzkonform gesammelt ginn?
2. Wéi goufen d'Gemengen doriwwer informéiert, wéi si d'Ënnerschrëftesammlung dateschutzkonform duerchféiere kéinten?
3. Gëtt et iwwert d'Circulaire N°4055 eraus eng eenheetlech Richtlinn, déi d'Regierung erausginn huet an un déi d'Gemengen sech hale mussen, fir eng transparent an dateschutzkonform Prozedur beim Sammele vun der Ënnerschrëfte fir de Referendum ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député